

DE PLUSPUNKT



GEMENG
BECH

GEMENG BECH

Bech, Altrier, Blumenthal, Geyershof,
Graulinster, Hemstal, Hersberg,
Kobembourg, Rippig, Zittig



Öffnungszeiten der Gemeindeverwaltung / Heures d'ouverture de l'administration communale

Montag bis Donnerstag / lundi à jeudi _ _ _ _ _ 08.00-12.00 & 13.00-17.00
Freitag / vendredi _ _ _ _ _ 08.00-12.00 (nachmittags geschlossen / après-midi fermée)

Nützliche Telefonnummern / Numéros utiles

Administration communale

Centrale téléphonique : _ _ _ _ _ 790 168-1
Secrétariat : _ _ _ _ _ secretariat@bech.lu / 790 168-20
Recette : _ _ _ _ _ recette@bech.lu / 790 168-21
Population : _ _ _ _ _ julie.cannivy@bech.lu / 790 168 22
Fax : _ _ _ _ _ 790 674

Collège des Bourgmestre et Échevins

Jill Goeres, bourgmestre : _ _ _ _ _ jillgoeres@bech.lu / 621 630 139
Norbert Classen, échevin : _ _ _ _ _ norbertclassen@bech.lu / 790 712 / 691 790 712
Nathalie Wohlfart, échevine : _ _ _ _ _ nathaliewohlfart@bech.lu / 621 344 763

École et Maison Relais

Primaire Berbourg : _ _ _ _ _ 71 93 63-1
Maison Relais Renert : _ _ _ _ _ 71 93 63-51
Synecosport : _ _ _ _ _ 71 93 63-817

Service technique

Ingénieur : _ _ _ _ _ technique@bech.lu / 790 168-23
Atelier : _ _ _ _ _ atelier@bech.lu / 790 672
Fax : _ _ _ _ _ 799 460
Service forestier : _ _ _ _ _ 247 56 -762 / 621 202 188

Urgences et services sociaux

Appel de secours : _ _ _ _ _ 112
Police-urgence : _ _ _ _ _ 113
Commissariat Echternach : _ _ _ _ _ 24472-1000
Office social régional Beaufort : _ _ _ _ _ 26 87 60 54

IMPRESSUM**Grafesch Gestaltung**

Vidale-Gloesener,
Junglinster

Coverfoto

Jos Fischbach

Foto Recksäit

brain&more

Redaktioun Texter

Alain Kring,
Jill Goeres,
Julie Cannivy,
Marc Rausch,
Nathalie Wohlfart,
Veräiner aus der
Gemeng


Drock

Imprimerie de l'Est,
Echternach

Oplo

550 Exemplarer

www.bech.lu



4

Vorwort

Éditorial

16

Gemeinderatssitzungen

Séances du conseil communal

26

Wussten Sie schon?

Le saviez-vous ?

31

Baustellen

Chantiers

32

Mitteilungen

Communications

36

Veranstaltungen

Manifestations

50

Agenda

Événements

52

Anzeigen

Annonces



Léif Biergerinnen a Bierger,

Mam Vote vum der Motion de censure hutt d'Joer 2025 fir mech a fir vill vun iech en onerwaart Enn geholl. No zwee an engem hallwe Joer engagéiertem Asaz, kënt meng Amtszäit als Buergermeeschtesch vun der Becher Gemeng am Februar op en Enn. Dëst Becher Buet ass domat och mäi lescht an dëser Funktioun.

Trotz dësem virzäitegen Ofschluss, kucken ech mat vill Dankbarkeet a Stolz op déi vergaangen Zäit zeréck. Et waren zwee an een halleft Joer an deene mir zesumme vill ugestouss, geplangt a realiséiert hunn. Eng Zäit an där u wichtege Projeten an Dossiere geschafft gouf, nei Iddien entstanen sinn an d'Gemeng sech a ville Beräicher weiderentwéckelt huet.

Zesumme mat de Schäfte Classen a Wohlfart hu mir eis engagéiert fir déi Ziler, déi mir eis an eiser Schäfferotserklärung gesat haten, Ziler, déi och op eise Wal-flyere rëmfanne waren. En detailléierte Réckbléck an den aktuelle Stand vun dëse Projete fann dir an dëser Editioun vum Becher Buet. Donieft enthält dëse Buet och d'Berichter aus de leschte Gemengerotsséizungen an erënnert un déi vill flott Fester, Manifestatiounen a gemeinschaftlech Momenter, déi mir am Enn vum leschte Joer haten.

Am Alter vun 20 Joer hutt dir mir äert Vertraue geschenkt an ech sinn als Éischtgewielten aus de Gemengewalen ervirgaangen. Vun deem Moment un hunn ech mech mat vill Motivatioun an Asaz an d'Dossieren ageschafft an ëmmer de Kontakt an den Austausch mat iech, de Biergerinnen a Bierger, gesicht. Et wor mir eng grouss Eier dës Aufgab kënnen unzehuelen an als är Buergermeeschtesch am Sënn vun der Gemeng a sengen Awunner ze schaffen.

E besonnesche Merci geet un eis Veräiner. Si sinn den dreiwende Motor vum Duerfliewen an der Gemeinschaft an droen zum Zesammenhalt, Engagement an zur Liewensqualität bäi. Och all de Benevollen an de



Chères citoyennes, chers citoyens,

Le vote de la motion de censure a marqué une fin inattendue à l'année 2025, tant pour moi que pour beaucoup d'entre vous. Après deux années et demie d'engagement, mon mandat de bourgmestre de la commune de Bech prendra fin en février. Cette édition du *Becher Buet* est ainsi la dernière que je signe dans cette fonction.

Malgré cette conclusion prématurée, je regarde le chemin parcouru avec beaucoup de gratitude et de fierté. Ces deux années et demie ont été marquées par un travail collectif intense, durant lequel nous avons lancé, planifié et concrétisé de nombreux projets. Ce fut une période riche en initiatives, en idées nouvelles et en avancées concrètes pour notre commune, qui a continué à évoluer dans de nombreux domaines.

Aux côtés des échevins Classen et Wohlfart, nous nous sommes engagés à mettre en œuvre les objectifs définis dans notre déclaration échevinale, objectifs qui figuraient également dans nos programmes électoraux. Vous trouverez dans cette édition du *Becher Buet* un aperçu détaillé de l'état d'avancement de ces projets. Ce numéro revient également sur les dernières séances du conseil communal et rappelle les nombreux moments festifs, manifestations et instants de convivialité qui ont marqué la fin de l'année écoulée.

À l'âge de 20 ans, vous m'avez accordé votre confiance en me plaçant en tête des élections communales. Dès lors, je me suis investie avec motivation et détermination dans les dossiers, en accordant toujours une grande importance au dialogue et aux échanges avec vous, citoyennes et citoyens de la commune. Ce fut un immense honneur de pouvoir assumer cette responsabilité et de servir la commune de Bech et ses habitants en tant que bourgmestre.

Un remerciement tout particulier s'adresse à nos associations, véritables moteurs de la vie locale et du vivre-ensemble. Leur engagement contribue de manière essentielle à la cohésion sociale et à la qualité de vie dans notre commune. Je remercie également chaleureusement tous les bénévoles ainsi que les membres des commissions pour leur implication et leur collaboration précieuse.

Memberen aus de Kommissiounen e grouse Merci fir déi flott Zesummenaarbecht an hiert Engagement.

A virun allem e Merci dem Gemeengepersonal am administrative Beräich an am Service Technique fir hiren onermiddlechen Asaz an déi immens flott Zesummenaarbecht.

An e grouse Merci géllt iech alleguer, léif Awunnerinnen an Awunner vun der Gemeng Bech, fir äert Vertrauen, är Ënnerstëtzung, ären Austausch an äert Engagement. Ech wënschen eiser Gemeng fir d'Zukunft vill Succès, Zesummenhalt a Courage fir déi kommend Erausforderungen unzegoen.

Mat grousser Dankbarkeet,
Jill Goeres
Buergermeeschtesch vun der Gemeng Bech

Ëmsetzungen vum Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart 2023-2026

Logement

D'Potenzial vun der Gemeng, am Beräich vum Wunnengsbau, a virun allem zu Bech selwer, bleift aktuell wéinst der limitéierter Kapazitéit vun der Kläranlag staark ageschränkt. Trotzdeem ass et dem Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart während senger Mandatszäit gelongen, eng Léisung fir de Bau vun enger gemeinsamer Kläranlag zesumme mat der Gemeng Manternach ze fannen (méi dozou weider ënnen). Bis zum Ofschluss vun der éischter Etapp vun dësem Projet – déi fir 2029 virgesinn ass – kënnen zu Bech awer nach keng nei PAPe realiséiert ginn.

Zënter Juli 2023 goufen et e puer Reunionne mam Pacte Logements Beroder souwéi mat der Madamm Laurence Gaury vum Büro Dewey Muller organiséiert, mat dem Zil, punktuell Upassunge vum PAG an dem Bautereglement virzebereeden, déi fir 2026 geplangt sinn. Dobäi soll de rezenten Entwécklung Rechnung gedroe ginn, den Zougang zum Wunnraum vereinfacht ginn an d'Baudicht erop gesat ginn. Konkret ass virgesinn, ënner anerem d'Unzuel vun de Wunnenge bei Residence pro Terrain, souwéi déi maximal Längt vun de Fassaden op der Stroossesäit, nei ze evaluéieren. Zousätzlech goufen Diskussiounen gefouert iwwer eng méiglech Reglementatioun vun der Implantatioun vun „Tiny Houses“ um Gemengenterritoire.

De Schäfferot huet dorops eng Analys vum PAG duerchgefëiert, fir prioritär Entwécklungszonen ze bestëmmen. An deem Kader goufen éischt Proprietären zu Gespréicher agelueden an d'Ënnerschreiwung vu Compromisse lancéiert, mam Zil vum Remembrement vun den eenzelne Bauterrainen „op der Rausch“ op der Kräizenhéicht. Zousätzlech huet de Schäfferot un engem Austausch mam Logementsministère deelgeholl, am Kader vun der Aktualiséierung vum Instrument RaumPlus (Entwécklungspotenzial, intern an extern Reserven).

Mes remerciements vont enfin au personnel communal, tant dans les services administratifs que techniques, pour leur engagement sans relâche et l'excellente coopération tout au long de ces années.

Et surtout, merci à vous toutes et tous, habitantes et habitants de la commune de Bech, pour votre confiance, votre soutien, vos échanges et votre engagement.

Je souhaite à notre commune beaucoup de succès pour l'avenir, ainsi que la cohésion et le courage nécessaires pour relever les défis à venir.

Avec une profonde gratitude,
Jill Goeres
Bourgmestre de la commune de Bech

Réalisations du Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart 2023-2026

Logement

Le potentiel de la commune, et avant tout du village de Bech, en matière de logement reste aujourd'hui fortement limité en raison de la capacité insuffisante de la station d'épuration.

Néanmoins, le Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart est parvenu, durant son mandat, à trouver une solution pour la construction d'une station d'épuration commune avec Manternach (voir plus loin). Jusqu'à l'achèvement de la première phase de ce projet – attendue pour 2029 – aucun nouveau PAP ne pourra toutefois encore être réalisé à Bech.

Depuis juillet 2023, plusieurs réunions ont été organisées avec notre conseiller Pacte Logement ainsi qu'avec Madame Laurence Gaury du bureau Dewey Muller, en vue d'adaptations ponctuelles du PAG et du règlement des bâtisses, prévues pour 2026. L'objectif était de tenir compte du contexte actuel et de chercher à faciliter l'accès au logement en augmentant la densité de construction. Il a ainsi été retenu de revoir notamment le nombre d'unités d'habitation par résidence ainsi que la longueur maximale des façades frontales. Par ailleurs, des discussions ont également porté sur la manière de réglementer l'implantation de « tiny houses » sur le territoire communal.

Le collège échevinal a ensuite procédé à une analyse du PAG afin d'identifier les zones de développement prioritaires. Dans ce cadre, les premiers propriétaires ont été invités à des discussions, lesquelles ont abouti à la signature de compromis en vue d'un remembrement de terrains constructibles au lieu-dit op der Rausch, situé à Kräizenhéicht, dans la perspective d'un futur lotissement. Le Collège échevinal a en outre participé à un entretien avec le Ministère du Logement dans le cadre de l'actualisation de l'outil *RaumPlus* (potentiel de développement, réserves internes et externes).

- 6 Am Beräich vum bezuelbaren a soziale Wunnraum goufen am Kader vum Masterplang Bech 2035 zwou Plazen identifizéiert, nämlech déi fréier Schoulen zu Hemstal an zu Bech (Annexe vum Gemeengegebai). Am Budget, dee vum Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart am Dezember proposéiert gouf, waren och scho Gelder fir déi éischt Etude fir de Site zu Hemstal virgesinn.

Dann huet de Schäfferot och d'kommunal Subventiounen am Beräich vun der energieetescher Renovatioun vu Wunnengen, nohalteger Bauweis, dem Asaz vun erneierbaren Energiequelle souwéi der Collecte vu Reewaasser iwwerschaaft. Eng konkret Proposition gouf an deem Sënn ausgeschafft. Well dës Subside bis elo op Niveau vun de Membersgemenge vum Natur- & Geopark Mëllerdall festgesat gi sinn, steet eng definitiv Eenegung hei nach aus.

Mobilitéit

Ëffentlechen Transport

Als Ergänzung zu de bestoenden Initiativen, wéi dem Late Night Bus Mëllerdall – deem seng Gestiou an Zukunft vun der Gemeng iwwerholl gëtt – souwéi dem Night Rider, gouf op Ufro vum Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart de Night Life Bus agefouert. Dëse verbënnt d'Stad Lëtzebuerg während de Weekender, ausserhalb vun den übleche Betriebszäiten, mat Jonglënster an Echternach. An deem Kader goufen dräi zousätzlech Arrëten agefouert: Rippeger Kopp, Schanz an Heeschbreg.

No enger detailléierter Analys iwwert d'Machbarkeet vun engem kommunale Ruffbus – eng Léisung, déi sech finalmente als net realisierbar erweisen huet – huet d'Gemeng decidéiert, dem Bummelbus-Netzwerk bäizetrieden. Dëst ass en Transportservice op Ufro, deem säi Start fir den 1. Abrëll 2026 virgesinn ass.

Zousätzlech huet d'Gemeng 2025 mat der Mise en conformité vun de Busarrëten ugefaang am Sënn vun der Accessibilitéit fir Persounen mat ageschränkter Mobilitéit (PMR).

Concernant la création de logements abordables et/ou sociaux, deux sites ont été identifiés dans le cadre du *Masterplang Bech 2035*, à savoir l'ancienne école à Hemstal ainsi que l'annexe communale à Bech. Le budget proposé en décembre par le Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart prévoyait déjà des fonds destinés aux premières études pour le site de Hemstal.

Enfin, le collège échevinal a retravaillé les subventions communales en matière de rénovation énergétique des logements, de construction durable, d'utilisation des sources d'énergie renouvelables ainsi que de collecte des eaux de pluie. Une proposition concrète a été élaborée dans ce sens. Toutefois, les subsides ayant jusqu'à présent été harmonisés au niveau des communes membres du Natur- & Geopark Mëllerdall, le retour final à ce sujet était encore en attente.

Mobilitéit

Transport public

En complément des initiatives existantes telles que le *Late Night Bus Mëllerdall* – dont la gestion sera désormais assurée par la commune – ainsi que du Night Rider, le Night Life Bus, reliant la ville de Luxembourg à Junglinster et Echternach durant les week-ends en dehors des horaires de service habituels, a introduit, à la demande du Collège Échevinal Goeres-Classen-Wohlfart, trois arrêts supplémentaires : Rippeger Kopp, Schanz et Heeschbreg.

Après une analyse approfondie de la faisabilité d'un *Ruffbus* communal – solution qui s'est révélée non réalisable en raison d'une masse critique insuffisante – la commune a décidé de rejoindre le réseau du *Bummelbus*, un service de transport collectif à la demande. Le démarrage de ce service est prévu pour le 1er avril 2026.

Par ailleurs, en 2025, la commune a entamé la mise en conformité progressive des arrêts de bus en matière d'accessibilité pour les personnes à mobilité réduite (PMR).



Verkéierssécherheet

An enker Zesummenaarbecht mat der Mobilitéitskommissioun gouf decidéiert, d'Verkéiersberouegung an zwou Phasen ëmzesetzen: an enger éischer Etapp op de kommunale Stroossen, an dann an enger zweeter Etapp op de Staatsstroossen (chemins repris).

An deem Kontext sinn zënter Januar 2026, 30er Zonen a Kraaft, an d'Verkéiersreglement gouf entspriechend ugepasst.

Zousätzlech goufen als Pilotprojet an der Enneschtgaass Blummekëschten installéiert, fir d'Sécherheet ze verbessern. Duerch dës Mesure hunn d'Awunner gläichzäiteg d'Méiglechkeet, Kraider a Friichten ze plécken.

Ab 2026 hat de Schännerot Goeres-Classen-Wohlfart virgesinn, an Zesummenaarbecht mat de Ponts et Chaussées, déi zweet Phas vun de Verkéiersberouegungsmoosnamen op de Staatsstroossen um Gemengterritoire unzegoen. An deem Zesammenhang gesäit déi geplangten Erneuerung vun der Strooss Neidierfchen och d'Schafe vun engem gemeinsame "Shared Space" virun der Becher Kierch vir.

Fir d'Strooss Hanner Bra, am Agang vu Bech aus Richtung Hierber, huet de Schännerot bei de Ponts et Chaussées eng Verengung vun der Fuerbunn als Mesure zur Verkéiersberouegung ugefrot. Weider Moosname sollten am Kader vun der Mobilitéitskommissioun, déi fir Januar geplangt war, diskutéiert ginn.

Schlussendlech gouf op Ufro vum Gemengerot en Atelier (Workshop) zu de Sujeten Trafic, Mobilitéit a Stroossesécherheet an der Gemeng virgesinn an och am Budget 2026 ageplangt.

Waasser an Ofwaasser

Den Erhalt an de Schutz vun den Drénkwaasserquelle waren eng zentral Prioritéit vum Schännerot Goeres-Classen-Wohlfart, dëst mam Zil, déi nohalteg Versuergung mat qualitativ héichwäertegem Drénkwaasser weiderhi sécher ze stellen an d'Autonomie vun der Gemeng laangfristeg ze garantéieren.

Op Basis vu Proufbuerungen bei der Quell Schlammfuhr zu Bech gouf e Projet ausgeschafft, fir d'Waasser-
gewënnung vun der Haaptquell vun der Gemeng erop ze setzen. No der Autorisatiounsphas, déi fir 2026 virgesinn ass, sollen d'Aarbechten am Joer 2027 ufänken.

Am Beräich vun der Ofwaasserentsuergung konnt eng nohalteg Léisung fir eng nei Kläranlag fonnt ginn. Eng gemeinsam Anlag gëtt zesumme mat der Gemeng Manternach am Ausgang vu Berbuerg gebaut. An enger éischer Phase, no dem Fäerdegstelle vum Kollektier – woufir mir mat de betraffene Proprietäre Konventiounen fir d'Passagerechter ënnerschriwwen hunn – wäert d'Ofwaasser vu Bech an dee besteende Reseau vun eiser Nopeschgemeng geleet ginn. D'Mise en service vun der neier Kläranlag ass fir d'Period 2031–2032 geplangt. Méttelfristeg besteet d'Méiglechkeet, och d'Uertschafte Rippig, Hemstal a Zëtteg unzeschléissen, wann d'Zëtteger Kläranlag an d'Enn vun hirer Nutzungsdauer kënnt. Duerch Diskussiounen mat de Proprietären iwwer

Sécurité routière

En collaboration avec la commission de la mobilité, il a été décidé de mettre en œuvre un apaisement du trafic en deux phases : d'abord sur les chemins communaux, puis sur les chemins repris.

Dans ce cadre, des zones 30 sont entrées en vigueur à partir de janvier 2026, et le règlement de circulation a été adapté en conséquence.

Par ailleurs, des bacs à fleurs ont été installés dans la rue Enneschtgaass afin d'améliorer la sécurité routière (projet pilote). Ceux-ci contribuent également à la qualité de vie locale en offrant aux riverains la possibilité de récolter des herbes aromatiques et des fruits.

À partir de 2026, le Collège Échevinal Goeres-Classen-Wohlfart avait prévu d'entamer la deuxième phase des mesures d'apaisement du trafic sur les routes reprises (CR) de la commune, en collaboration avec l'Administration des Ponts et Chaussées. Dans ce contexte, le renouvellement planifié de la rue Neidierfchen prévoit déjà la création d'un espace partagé (« Shared Space ») devant l'église.

Pour la rue Hanner Bra, à l'entrée du village en venant de Herborn, le Collège échevinal avait demandé aux Ponts et Chaussées un rétrécissement de la chaussée comme mesure d'apaisement du trafic. D'autres mesures d'apaisement du trafic auraient dû être discutées lors de la commission de mobilité, planifiée en janvier.

Enfin, à la demande du Conseil communal, un atelier (workshop) consacré aux thématiques du trafic, de la mobilité et de la sécurité routière dans la commune avait été prévu et inscrit au budget.

Eaux et assainissement

Le maintien et la préservation des sources d'eau potable sont demeurés une priorité essentielle pour le Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart, afin de garantir un approvisionnement continu en eau de qualité et de préserver l'autonomie de la commune.

Sur la base de forages de reconnaissance prometteurs réalisés à proximité de la source *Schlammfuhr* à Bech, un projet a été élaboré en vue d'améliorer le débit de la source principale de la commune. Après la phase de demande des autorisations, prévue en 2026, les travaux devraient débuter en 2027.

Concernant l'assainissement, une solution durable a pu être trouvée pour l'implantation d'une station d'épuration : une station commune sera construite en partenariat avec la commune de Manternach, à proximité de Berbourg. Dans une première phase, après la réalisation du collecteur – pour laquelle des conventions de droits de passage ont été signés avec les propriétaires concernés – il est prévu d'acheminer les eaux usées de Bech vers le système d'épuration existante de la commune voisine. La mise en service de la nouvelle station est prévue pour la période 2031-2032. À moyen terme, la possibilité existe d'y raccorder les villages de Rippig, Hemstal

8 d'Passagerechter konnten och Parzellen, déi un de kommunalen Terrain ugrenzen, kaf ginn.

Dës Weideren ass am Kader vum Projetsappel „Smart City“ vun de zoustännegge Ministère virgesinn, déi bestoend Waasserzähler duerch intelligent Compteuren (Smart Metern) z'ersetzen. Dës erlaben et de Konsumenten, hire Waasserverbrauch an Echtzäit iwweg eng speziell Plattform ze suivéieren, a gläichzäiteg kënnen och Fuitte méi séier detektiert ginn. Donieft ginn d'administrativ Prozedure fir d'Ofliese vun de Compteuren an d'Facturatioun vereinfacht.

Dann huet d'Gemeng, konform zum Règlement grand-ducal vum 7. Oktober 2020, d'Sécherung vun de Schutzperimeter ronderëm d'Quellfaassungen weidergefouert, mat dem Zil, dës esou séier wéi méiglech ofzeschléissen.

Offallgestioun a Kreeslafwirtschaft

Am Joer 2023 huet de Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart zesumme mat alle Veräiner aus der Gemeng eng Energie-Klima-Ëmwelt Charta ënnerschriwwen. Während der ganzer Mandatszäit goufen d'Efforte fir d'Reduktioun vum Offall an d'Verbesserung vun der Offalltrennung weidergefouert.

An deem Kontext gouf ënnert anerem Geschier ugeschaaft, ënner anerem Tase fir Glühwäin, souwéi Fritteschosselen aus Porzellan, fir d'Material aus Pabeier respektiv Plastik z'ersetzen. Dës Artiklen ginn de lokale Veräiner fir d'Organisatioun vun Evenementer zur Verfügung gestallt a kënnen an Zukunft et fir privat Festivitéite gelount ginn. Fir d'Offalltrennung bei Manifestatiounen ze vereinfachen, goufen och Opsätz fir d'Poubelle bestallt.

Am Sënn vun der Fërderung vun der Kreeslafwirtschaft gouf, a Kooperatioun mam Klimateam, den éischte Repair Café vun der Gemeng am Kader vum „Dag am Jugendhaus“ organiséiert.

Des Weideren huet de Schäfferot seng Beméiunge weidergefouert, fir e passende Standuert ze fannen, fir de Bierger/innen eng lokal Léisung fir d'Entsuerge vun hirem Gréngschnëtt unzebidden.

Naturschutz

Zënter sengem Amtsuntrëtt am Joer 2023 huet de Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart d'Ëmsetzung vu Moosname fir den Ëmweltschutz konsequent virugedriwwen, mam Zil, d'Liewensqualitéit vun allen Awunnerinnen an Awunner nohalteg ze verbesseren.

Am Kader vum Naturpakt, deem d'Gemeng zënter 2021 ugehéiert, huet d'Naturpakt-Team enk mat der Naturpakt Beroderin zesumme geschaaft. Dës Zesummenaarbecht huet et erméiglecht, prioritär Mesuren z'identifizéieren, dorënner d'Opstelle vun Insektenhoteller op verschidde effentleche Plazen am urbaniséierte Beräich. Dëse Projet konnt Enn 2025 ofgeschloss ginn.

Fir eng strategesch a kohärent Approche bei der extensiver Gestiou vun den effentleche Gréngflächen

et Zittig, au moment où la station d'épuration au moulin de Zittig viendra en fin d'exploitation. Les discussions avec les propriétaires au sujet des droit de passage ont d'ailleurs menées à l'acquisitions de parcelles adjacentes au terrain communal.

Par ailleurs, dans le cadre de l'appel à projets « Smart City » des ministères compétents, il est prévu de remplacer les compteurs d'eau existants par des compteurs intelligents (smart meters). Ceux-ci permettront non seulement aux consommateurs de suivre leur consommation en temps réel via une plateforme dédiée, mais également de détecter plus rapidement d'éventuelles fuites. Les démarches administratives liées à la relève des compteurs et à la facturation en seront en outre simplifiées.

Enfin, conformément aux dispositions du règlement grand-ducal du 7 octobre 2020, la commune a poursuivi et prévu d'achever le clôturage et la sécurisation des périmètres de protection autour des points de captage de ses sources.

Gestion des déchets et économie circulaire

En 2023, le Collège Échevinal Goeres-Classen-Wohlfart a signé, avec l'ensemble des associations communales, une charte énergie-climat-environnement. Tout au long de son mandat, le collège échevinal a poursuivi ses efforts en faveur de la réduction des déchets et de l'amélioration du tri.

Dans ce contexte, de la vaisselle réutilisable — notamment des tasses à vin chaud ainsi que des barquettes à frites en porcelaine — ont été acquises afin de remplacer les pièces à usage unique. Ce matériel est mis à disposition des associations pour l'organisation de leurs événements et pourra, à l'avenir, également être loué pour des festivités privées. Afin de faciliter le tri des déchets lors de manifestations, des couvercles spécifiques pour les poubelles ont également été commandés.

Dans une optique de promotion de l'économie circulaire, le premier Repair Café de la commune a été organisé en collaboration avec le Klimateam, dans le cadre de l'événement « En Dag am Jugendhaus ».

Enfin, le Collège échevinal a poursuivi ses démarches visant à identifier un site permettant d'offrir aux citoyennes et citoyens une solution locale pour l'élimination de leurs déchets verts.

Protection de la nature

Depuis son entrée en fonction en 2023, le Collège Échevinal Goeres-Classen-Wohlfart a poursuivi la mise en œuvre de mesures en faveur de la préservation de l'environnement, avec pour objectif d'améliorer durablement la qualité de vie de l'ensemble des habitantes et habitants de la commune.

Dans ce cadre, les membres du Naturpaktteam ont travaillé en étroite collaboration avec la conseillère du Pacte Nature, auquel la commune adhère depuis 2021. Ce travail conjoint a permis d'identifier des mesures

z'erméiglechen, huet de Schäfferot d'Resultater vun der Kartographie vun de Gréngflächen ofgewart, déi vum Natur- & Geopark Mëllerdall an Optrag ginn ass.

Zousätzlech huet d'Gemeng ëmmer pragmatesch a reaktiv agéiert, wa punktuell Moosnamen am Beräich vum Ëmweltschutz noutwenneg waren, ënner anerem bei der Entfernung vun Näschter vun der asiatescher Runn.



Energie a Klima

An Zesummenaarbecht mam Klimateam an dem Klimaberoder huet d'Gemeng – déi zënter 2013 am Klimapakt engagéiert ass – d'Ëmsetzung vun de virgesinne Moosnamen weidergefouert. Duerch dës Effort krut d'Gemeng am Joer 2025 d'Gold-Zertifizéierung am Klimapakt mat engem Score vun 82 %.

An dësem Kontext goufe vill strategesch Dokumenter ausgeschafft, fir d'Ëmsetzung vun de Moosnamen aus dem Klimapakt ze strukturéieren an ze vereinfachen.

Zu den ëmgesaten, respektiv lafende Projeten zielen ënner anerem: d'Reduktioun vun der Nuetsbelichtung (mat enger Energieerspuernis vun 28 % op de Gemengestroossen), d'Acquisitioun vun engem Elektrovélo fir kommunal Zwecker, déi geplangte Schafung vun enger Energiecommunautéit, souwéi de Projet fir Photovoltaikspanneauen um Daach vum Gemengentelier z'installéieren.

Den 20. Mee 2025 gouf a Kooperatioun mat der Klima-Agence an de Gemenge Waldbëlleg a Konsdref e Klimaforum organiséiert, un deem ronn 50 Persounen deelgeholl hunn. Aus dëser Zesummenaarbecht ass en interkommunaalt Klimateam ervirgaangen, an et goufen e puer prioritär Theemen definéiert, dorënner d'Schafung vun Energiecommunautéiten. E weidert Forum ass fir dat zweet Trimester 2026 geplangt. An deem Kader

prioritaires, parmi lesquelles l'installation d'hôtels à insectes sur plusieurs sites publics en milieu urbanisé, un projet achevé à la fin de l'année 2025.

Afin d'adopter une approche stratégique et cohérente en matière de gestion extensive des espaces verts publics, le Conseil échevinal a attendu les résultats de la cartographie des espaces verts, commanditée par le Natur- & Geopark Mëllerdall.

Par ailleurs, la commune est toujours intervenue de manière pragmatique et réactive lorsque cela s'avérait nécessaire, en prenant notamment en charge des mesures ponctuelles de protection de l'environnement, telles que l'enlèvement de nids de frelons asiatiques.



Energie et climat

En collaboration avec son *Klimateam* et son conseiller climat, la commune – engagée depuis 2013 dans le Pacte Climat – a poursuivi la mise en œuvre des mesures prévues par ce dispositif. Ces efforts ont abouti, en 2025, à l'obtention de la certification 4 (Or) avec un score de 82 %.

Dans ce contexte, de nombreux documents stratégiques ont été élaborés afin de faciliter et de structurer la mise en œuvre des différentes mesures prévues par le pacte.

Parmi les actions réalisées ou en cours de réalisation figurent notamment : la réduction de l'éclairage nocturne (permettant une économie d'énergie de l'ordre de 28 % sur les chemins communaux), l'acquisition d'un vélo électrique pour les besoins communaux, la création planifiée d'une communauté énergétique, ainsi que le projet d'installation de panneaux photovoltaïques sur le toit de l'atelier communal.

Le 20 mai 2025, un *Klimaforum* a été organisé en collaboration avec la *Klima-Agence* et les communes voisines de Waldbilling et de Consdorf. Cet événement a rassemblé environ 50 participantes et participants. De cette coopération est née une équipe climat intercommunale, et plusieurs thématiques prioritaires ont été

10 bedeelegt sech d'Gemeng och um nationale Solar Challenge an der Kategorie 4 (Sensibilisierungsinitiativen).

Zudeem huet d'Gemeng, iwwer hiert Klimateam, déi Proprietären ugeschriwwen, déi iwwert Fläche mat héijem Solarpotenzial verfügen, fir si iwwer dës Méiglechkeeten z'informéieren, op bestoend Hëllefsmittelen hinzewisen an hinnen eng personaliséiert Begleedung unzebidden.

Schlussendlech gouf d'Kommunikatioun ronderëm d'Aktiounen a Moossnamen am Beräich Energie a Klima zënter 2023 verstärkt, besonnesch duerch reegelméisseg Publikatiounen am Becher Buet.

Kanner a Jugendlecher

D'Gemeng huet verschidde Spill- a Fräizäitinstallatiounen fir Kanner a Jugendlecher geschaf, respektiv moderniséiert. Dozou gehéieren ënner anerem d'Installatioun vu Fussballgoalen zu Bech, d'Opstelle vun engem Basketskuerf zu Hemstel an zu Bech, souwéi de Remplacement vun der Spillplaz hannert dem Gemengehaus, dee fir 2026 virgesinn ass.

Zousätzlech goufen, am Aklang mat dem Masterplang Bech 2035, méi ëmfaassend Projeten zum Amenagement vun Duerfplazen op der Schanz an zu Bech zréckbehal. Fir op dës Plazen d'Virstellung vum Bierger gezielt mat anzebréngen, war d'Organisatioun vu partizipativen Ateliere 2026 virgesi ginn an och mat an de Budget geschriwwen ginn.

Duerch de SYNECOSPORT goufen zudeem verschidden Initiativen ëmgesat, fir d'Mataarbecht an d'Participatioun vun de Kanner ze stäerken. Dës ëmfaassen ënner anerem d'Matbestëmmung vun de Kanner bei der Auswiel vun de Spillelementer, souwéi d'Organisatioun vun engem Kannergemengerot, un deem net nëmmen wéi bis elo d'Kanner aus der Maison Relais deel huelen, mee och Kanner aus der Schoul.

identifiées, dont le développement de communautés énergétiques. Un deuxième forum est d'ores et déjà prévu pour le deuxième trimestre 2026. Par cette initiative, la commune participera par ailleurs au *Solar Challenge* national dans la catégorie 4 (initiatives de sensibilisation).

Par ailleurs, la commune, par l'intermédiaire de son *Klimateam*, a contacté l'ensemble des propriétaires disposant de surfaces classées à « fort potentiel solaire » afin de les informer de ces opportunités, de les sensibiliser aux dispositifs de soutien existants et de leur proposer un accompagnement personnalisé.

Enfin, la communication autour des actions et mesures mises en œuvre a été renforcée depuis 2023, notamment à travers des publications régulières dans le *Becher Buet*.

Enfants et Jeunes

La commune a mis en place plusieurs espaces de jeu destinés aux enfants et aux jeunes, notamment par l'installation de buts de football à Bech, de paniers de basket à Hemstal et à Bech, ainsi que par le remplacement de l'aire de jeu située derrière la maison communale, dont la réalisation avait été prévue pour 2026.

Par ailleurs, des projets plus ambitieux étaient planifiés à Altrier et à Bech, conformément aux orientations définies dans le *Masterplang Bech 2035*. Afin d'identifier au mieux les besoins et les attentes de la population, l'organisation d'ateliers participatifs a été prévue et budgétisée pour l'année 2026.

Enfin, par le SYNECOSPORT, plusieurs initiatives visant à renforcer la participation des enfants ont été mises en œuvre. Celles-ci incluent notamment le vote des enfants sur les jeux à installer, ainsi que le soutien d'un *Kannergemengerot* réunissant non seulement des enfants de la maison relais, mais dorénavant également des enfants de l'école.



Educatioun

No enger detaillierter Etüd an der Upassung vun de Projeten zur Erweiterung vun der Maison Relais – déi ëm ee weidere Stack erhéicht gëtt – souwéi zum Bau vun engem moduläre Gebai, goufen dës Projeten den 20. November 2024 vum Comité vum SYNECOSPORT eestëmmege ugeholl.

Dat moduläert Gebai déngt an enger éischter Phas der Opnam vun de Kanner aus der Maison Relais während der Dauer vun den Erweiterungsarbeiten. No Ofschluss vun dësem wäert d'Gebai als zousätzleche Raum fir d'Schoul genotzt ginn. Den Ufank vun den Ausschreibungsprozedure fir dës Projeten ass fir Ufank 2026 virgesinn.

No Ofschluss vun dësen Aarbechten ass virgesinn, déi noutwendeg Moosnamen zur Konformitéit vum Schoulgebai C2–C4 um Campus Renert unzegeoen.

Am Oktober 2024 war dann och déi offiziell Aweigung vum Schoulgaard um Campus Renert zu Berbuerg, wou d'Kanner op eng flott Aart a Weis den Ëmgang mat der Natur, de Planzen an der Biodiversitéit léieren. Zënter dem ass och nach e Schoulbongert amenagéiert ginn an elo geschwé mécht nach en Trapp Schof dëse Projet komplett.

Eis eeler Generatioun, Inklusioun a soziaalt Engagement

D'Gemeng huet hir Bedeelegung un de CIPAE vu Jonglënster a Berbuerg bäibehalen a gläichzäiteg hir prinzipiell Zoustëmmung ginn, sech um Hospice zu lechternach ze bedeelegen an hir Bedeelegung um CIPA Jonglënster ze erweideren.

Nieft dem Club Aktiv Plus „An der Loupescht“ huet de Schäfferot verschidden intergenerationell Initiativen ënnerstëtzt, dorënner de Service „Super Senior“ vun der a.s.b.l. MEC. Donieft goufen d'Servicer vum CIGR weiderhin op Gemengenniveau genotzt a bei der eelerer Bevëlkerung promovéiert.

Zanter 2024 bedeelegt d'Gemeng sech och un der nationaler Initiativ „Rues au féminin“. Sou goufen den 8. Mäerz 2024 an 2025, am Kontext vum Internationalen Dag vun de Fraerichter, eelef Stroossen an der Gemeng symbolesch no weibleche Perséinlechkeete benannt, fir d'Roll vu Fraen an der Gesellschaft ze valoriséieren an d'Ëffentlechkeet fir d'Thema Gläichstellung ze sensibiliséieren. An dem Kader gouf och driwwer diskutéiert – fir der Plaz zu Bech virun der Kierch, wou de 'Shared Space' geplangt ass, no der Andrée Ketter ze benennen, déi Léierin zu Bech war an Autorin vun engem Buch iwwert d'Haiser zu Bech an um Geieschhaff.

Éducation

Après l'étude approfondie et l'adaptation des projets relatifs à l'agrandissement de la maison relais – qui sera rehaussée d'un étage supplémentaire – ainsi qu'à la construction d'un bâtiment modulaire, ces projets ont été votés par le comité du SYNECOSPORT le 20 novembre 2024. Le bâtiment modulaire servira, dans un premier temps, à accueillir les enfants de la maison relais pendant la durée des travaux d'agrandissement, avant d'être utilisé comme bâtiment additionnel pour l'école. Le lancement des procédures de soumission est prévu pour le début de l'année 2026.

Une fois ces travaux achevés, il est prévu d'entamer les interventions nécessaires à la mise en conformité du bâtiment scolaire C2–C4 sur le campus « Renert ».

En octobre 2024 a eu lieu l'inauguration officielle du jardin scolaire du campus Renert à Berbourg. Cet espace offre aux enfants une formidable opportunité d'apprendre sur la nature, les plantes et la biodiversité. Depuis lors, le projet s'est encore enrichi avec l'aménagement d'un verger, et l'arrivée prochaine de moutons viendra compléter cet écosystème vivant.

Seniors, inclusion et action sociale

La commune a maintenu sa participation aux CIPA de Junglinster et de Berbourg et a donné son accord de principe tant pour une participation à l'hospice d'Echternach que pour l'extension de sa participation au CIPA de Junglinster.

Outre le Club Aktiv Plus « An der Loupescht », le Collège échevinal a soutenu différentes initiatives intergénérationnelles, telles que le service « Super Senior » mis en place par l'a.s.b.l. MEC. Il a également continué à faire appel aux services du CIGR et à promouvoir activement ces services de proximité auprès de la population âgée.

Par ailleurs, depuis 2024, la commune participe à l'initiative « Rues au féminin », initiée au niveau national. À cette occasion, et dans le cadre de la Journée internationale des droits des femmes, les 8 mars 2024 et 2025, une dénomination symbolique a été attribuée à onze rues de la commune, afin de mettre en valeur des figures féminines et de sensibiliser à la question de l'égalité.

Dans ce contexte, il a également été discuté de la possibilité de baptiser « Place Andrée Ketter » la place située devant l'église à Bech, où est prévu le « Shared Space », en mémoire de Madame Ketter, qui était institutrice à Bech et auteure d'un livre sur les maisons à Bech et du Geyershof.

Gemeingefestrukturen a gemeinschaftlech Raim

No dem Kollektivcongé 2023 hunn d'Bauarbechte fir den neie Festsall „Hanner Bra“ ugefaangen. Dës Aarbechte ginn mat der offizieller Aweiung vum Gebai, déi fir Abrëll 2026 virgesinn ass, ofgeschloss. Den neie Sall bitt den Associatiounen, souwuel aus dem Sports-, wéi och aus dem Kulturdomaine däitlech méi Plaz fir hir reegelméisseg Aktivitéiten a gëtt den Ufuerderunge fir d'Organisatioun vun Evenementer vill besser gerecht. Trotz verschiddene Komplikatoune während den Aarbechte konnten déi meescht Aktivitéiten a Manifestatioune vun de Veräiner och weiderhin um Site „Hanner Bra“ stattfannen.

Well d'Gebai vun der Gemeinverwaltung zu Bech u seng Grenze kënnt an net méi den haitegen Ufuerderungen a puncto Accessibilitéit a Sécherheet entsprécht, huet de Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart verschidden Zenarie fir d'Schafe vun engem modernen an accessibele Gemengenhaus op de Leescht geholl. Dobäi goufen ënner anerem en Neibau an eng Vergrößerung vum bestoende Gebai evaluéiert. Am Kader vum Masterplang Bech 2035 gouf schlussendlech d'Optioun vun enger Ëmgestaltung vum bestoende Gebai zréck behalen, well dës manner käschtenintensiv ass an et gläichzäiteg erlaabt, de Gemeinbetrieb während de Bauarbechte gréisstendeels weiderzeféieren. Virgesinn ass dobäi datt all déi ëffentlech zougängelech Raimlechkeeten – dorënner de Sëtzungssall vum Gemengerot – um Rez-de-chaussée amenagéiert ginn, an eng PMR-konform Toilette, souwéi eng Kiche fir d'Gemeinpersonal installéiert ginn. Um éischte Stack solle weider Bürofläche geschaf ginn.

Am Kader vum Masterplang Bech 2035 gouf zousätzlech d'Schafung vun zwou ëffentleche Plazen, op der Schanz an zu Bech, festgehale. De Budget 2026, dee vum Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart proposéiert gouf, hat schonn déi néideg finanziell Mëttel fir d'Organisatioun vu Biergeratelieren, fir déi entsprechend Etüden an och fir éischt Aarbechte virgesinn.

Fir zousätzlech gemeinschaftlech Raim an der Kierch op der Schanz ze schafen, goufen éischt Gespréicher opgeholl, ouni datt zu dësem Zäitpunkt scho konkret Modalitéite feststinn.

Schlussendlech huet de Schäfferot mat der Planung vun der Konformitéit vun alle kommunale Gebaier a Veräinsäll a puncto Sécherheet an Accessibilitéit ugefaangen. An deem Kontext gouf Terrain hannert dem Pompjeesbau zu Rippeg kaf, fir d'Schafe vun engem Noutausgang z'erméiglechen – eng Mesure, déi am Masterplang 2035 als prioritär identifizéiert gouf.

Veräinsliewen

Während senger ganzer Mandatszäit war et dem Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart wichteg, fir d'Veräiner an hirer wichtiger Roll fir d'Gemeinschaft ze stäerken. An deem Sënn gouf neit Material ugeschaaft, dat de Veräiner gratis zur Verfügung gestallt gëtt, an et gouf, esou wäit wéi méiglech, no passende Raimlechkeete fir



Infrastructures communales et espaces communautaires

Après le congé collectif estival de 2023, les travaux de construction de la nouvelle salle culturelle « Hanner Bra » ont débuté. Ceux-ci s'achèveront avec l'inauguration du bâtiment prévue pour avril 2026. Ce nouveau centre offrira davantage d'espace aux associations sportives et culturelles pour leurs activités régulières et répondra bien mieux aux critères et exigences liés à l'organisation d'événements. Malgré diverses complications rencontrées en cours de chantier, la majorité des activités et manifestations des associations ont néanmoins pu continuer à se tenir à Hanner Bra.

Par ailleurs, le bâtiment abritant l'administration communale à Bech arrivant aux limites de ses capacités et ne répondant plus aux exigences actuelles en matière d'accessibilité et de sécurité, le Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart a étudié différentes options en vue de la création d'une maison communale moderne et accessible. Parmi les scénarios envisagés figuraient une nouvelle construction ou l'agrandissement du bâtiment existant. Dans le cadre du Masterplang Bech 2035, la solution privilégiée a finalement été celle d'une transformation du bâtiment actuel, jugée moins coûteuse et permettant de maintenir en grande partie le fonctionnement des services communaux pendant les travaux. Cette option prévoit notamment l'aménagement des espaces accessibles au public – dont la salle de réunion du Conseil communal – au rez-de-chaussée, ainsi que l'installation d'un WC PMR et d'une cuisine pour le personnel communal. Des bureaux supplémentaires pourraient ainsi être aménagés au premier étage.

Dans le cadre du Masterplang Bech 2035, la création de deux places publiques, l'une à Altrier et l'autre à Bech, a également été retenue. Le budget initial du Collège échevinal Goeres-Classen-Wohlfart prévoyait d'ailleurs des moyens financiers pour l'organisation d'ateliers citoyens destinés à la planification de ces espaces, ainsi que pour les études nécessaires et les premiers travaux.

hir Aktivitéite gesicht. D'Ekipp vum Service Technique huet d'Veräiner zudeem bei der Organisatioun vu Fester a Manifestatiounen ënnerstëtzt a war ëmmer bereet eng Hand mat unzepaken.

D'Subsidierëglement fir d'Veräiner ass 2024 iwwerschafft ginn, mam Zil, besonnesch déi Veräiner ze wäertschätzen, déi Evenementer fir d'Duerfgemeinschaft organisieren an huet och eng Ënnerstëtzung fir Sportsveräiner virgesinn, an deenen aktiv jonk Memberen aus der Gemeng engagéiert sinn.

Iwwert Facebook an d'Bech-App huet d'Gemeng d'Kommunikatioun vum de Veräiner verstärkt. Mat Ënnerstëtzung vum der Gemeng huet d'Entente de Manifestatiounskalenner nees nei erausbruecht.

Den Niklosmaart, deen 2023 fir d'éischt kéier, op Initiativ vum Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart organiséiert gouf, huet sech zënterhier als neit Evenement am Duerfkalenner etabléiert.



Kultur a Tourismus

De Schäfferot Goeres-Classen-Wohlfart huet d'Installatioun vun enger digitaler Informatiounsborne op der Gare zu Bech geplangt, déi Visiteuren iwwer d'Tourismusoffer vum der Gemeng an der Ëmgéigend informéiert. D'Opstelle vun dëser Born ass fir d'éischt Trimester 2026 virgesinn.

Zousätzlech goufen ëffentlech Toiletten op der Gare zu Bech installéiert. Gläichzäiteg gouf no engem gëeegente Standuert fir d'Installatioun vun ëffentlechen Toiletten op der Schanz gesicht.

